Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Kooperatiounsminister weiderzeleeden.

Indien huet viru kuerzem säin zweete Flugzeugträger "Vikrant" an den Déngscht vu senger Marine gestallt. Et handelt sech gläichzäiteg ëm den éischte vun dësen Apparater, deen den indesche Subkontinentalstaat selwer produzéiert huet. Parallel huet Indien an der rezenter Vergaangenheet nach zu deene Länner gehéiert, déi aus Lëtzebuerg Entwécklungshëllef bezéien.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Kooperatiounsminister gär dës Froe stellen:

1) Kann den Här Minister matdeelen, ob Indien aktuell nach direkt oder indirekt iwwer privat Stellvertriederorganisatiounen, weiderhin ëffentlech Lëtzebuerger Entwécklungsgelder empfänkt? Falls jo, kann den Här Minister preziséieren, mat wéi engem Zil, bis zu wéi engem Enddatum, eventuell iwwert wéi eng Organisatioun an ënnert wéi engem Budgetsartikel déi Sue fléissen?
2) Kann den Här Minister matdeelen, op hien et allgemeng fir opportun hält, Entwécklungshëllef un e Land auszebezuelen, dat bewisen huet, datt et am Beräich vun der Arméi, der Raumfaart asw. mëttlerweil zu deenen technologesch erfollegräichste Länner vun der Welt gehéiert a preziséieren a wéi engen Zäitofstänn d'Krittären ob e Land nach eligibel fir Entwécklungshëllef ass, iwwerpréift an aktualiséiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten